Februar 2022

01/02 *. Die Vorstände der Jagdsyndikate Nr. 428 und 447 bringen den Interessenten zur Kenntnis, dass die Verteilungsrollen für das Jahr 2021/2022 vom 01. bis zum 15. Februar 2022 zur Einsicht aufliegen.

01/02 Stengefort. Vun haut u gëllen nei Präisser bei der Steinergy.

01/02 *. Plagiat-Affär Bettel. Obwuel d'Universitéit "de Lorraine" zu Nanzeg seng DEA-Aarbecht (diplômes d'études approfondies) unerkennt, wann hie se iwwerschafft, freet de Premier Bettel si, datt si seng DEA zréckzéie sollen.

01/02 *. Op enger Pressekonferenz presentéiert de Wunnengsbauminister d'Studie vum "Luxembourg Institute of Socio-Economic Research" (Liser) iwwert d'Gewënner a Verléierer vun de staatleche finanziellen Hëllefen am Beräich vum Logement.

01/02 *. Eng Ëmfro vun der europäescher Investitiounsbank huet erginn, datt 51% vun de gefrote Lëtzebuerger an Zukunft een Hybrid- oder Elektroauto kafen, 49% ee Bensinn- oder Dieselauto. An eisen Nopeschlänner si méi Leit bereet een Elektroauto ze kafen.

02/02 *. Am Tageblatt erkläert eis den Ausseminister Jean Asselborn firwat datt hien ee Boykott vun den olympesche Spiller a China fir falsch hält an datt de Sport méi politesch ass wéi mer et wouer wëllen hunn.

02/02 *. Liichtmëssdag: Fir e bëssi Normalitéit an der Corona-Pandemie hunn d'Kanner gesuergt, déi vun Haus zu Haus liichte gaange sinn.

02/02 Stengefort. Wéinst den héijen Neiinfektioune fält de Kannergottesdéngscht ëm 17:30 Auer aus.

02/02 *. D'EU-Kommissioun stëmmt déi sougenannten Taxonomie-Veruerdnung laut där Investitiounen an den Äerdgas an an d'Atomenergie als nohalteg betruecht ginn. An esou gëtt dann an der EU vu "Green Deal" geschwat. Wat soll een nach vun esou enger EU halen?

02/02 Stengefort.
Am Alter vu 87 Joer ass d'Madamm Rosa DELL'AERA-CRISTANTIELLI, Wittfra vum Natale Dell'Aera (†2009) am Spidol um Kierchbierg gestuerwen.
D'Begriefnes ass am enkste Familljekrees.
Eng Mass gëtt de 05. Februar 2022 an der Stengeforter Kierch ëm 11:00 Auer gehalen.

03/02 *. Vereenzelt Schnéikläckelcher strecken hire Kapp an dat grot reenereg Wieder a lauden hoffentlech d'Fréijoer an.

02/02 *. Am Januar 2022 hate mer hei am Land vill Niwwel a mëll Temperaturen. De waarmsten Dag war den 02. mat 10,8 Grad an de kalsten den 12. mat –5,5 Grad. Wärend dem Mount hate mer 17 Deeg ouni Sonn, 12 Deeg mat Nidderschlag, fënnef Deeg mat Schnéi, een Dag mat Wiederen, 17 Deeg mat Niwwel an 23 Deeg mat Buedemfrascht.

04/02 *. Haut ass de Weltkriibsdag.

05/02 *. Fir d'Schüler aus dem Secondaire fänkt haut d'Fuesvakanz un. Si dauert bis den 20. Februar 2022.

06/02 *. Haut ass den internationalen Dag vun der Nulltoleranz géintiwwer der Genitalverstümmlung bei de Meedercher a Fraen.

06/02 Stengefort. An der Mass vun 10:00 Auer ass den Affer fir d'Missiounswierk vun de Kanner.

06/02 *. De ganzen Dag huet et gereent wéi mat Eemeren. Gläichzäiteg huet och nach ee staarke Wand mat ëm déi 78 km/h geblosen. Am spéiden Owend sinn dunn d'Pompjeeën um Dill fir deem een oder deem aneren ze hëllefen, dee Problemer mam Waasser am Haus/Keller hat.

07/02 *. An der Nuecht (06/07) huet Wieder dunn ëmgeschloen a géint der Mueren ass et ferm glat ginn.

07/02 Steinfort. Le F.C. Steinfort invite les années 2016-2018 tous les lundis de 17.00 à 18.00 heures à une séance d'initiation au football au terrain de football à Steinfort sous l'entraîneur Jean-Paul.



07/02 *.

Haut hate mer d'Informationsblat vun déi gréng Stengefort mam Titel "Zesumme fir eis Gemeng" an der Boîte.

07/02 *. De Premier huet eng nei Demande fir ee Referendum fir d'Verfassungsreform fir zoulässeg erkläert. Esou mussen d'Gemengen elo Lëschten opleeë fir 25.000 Ënnerschrëften ze sammelen.

07/02 *. Op enger Pressekonferenz stellt den Ausseminister Jean Asselborn de Rapport iwwer Asyl an Immigratioun vir.

07/02 *. Vun haut un ass den E171 (Titandioxid) an de Liewesmëttelen an der EU verbueden.

07/02 *. Hei am Land feelen eng 9.400 Handwierker. D'Vereenegung "Jonk Handwierk" lancéiert dofir eng Campagne déi d'Zil huet méi Jugendlecher fir den Handwierksberuff ze begeeschteren. D'Campagne steet ënnert dem Motto: "D'Handwierk mécht Spaass a bitt Carrièreméiglechkeeten".

07/02 Steinfort. Par jugement : Le Tribunal d'Arrondissement de et à Luxembourg, siégeant en matière commerciale, a déclaré close pour insuffisance d'actif les opérations de la faillite de la société MX ONLY ONE S.à r.l. (RCS B112823), établie et ayant son siège social à L-8410 Steinfort, 39, route d'Arlon.

08/02 Steinfort.
La Commune de Steinfort invite les habitants de la « Cité Herrenfeld » à une réunion d'information qui aura lieu mardi, le 22 février 2022 à 19.00 heures au Centre Culturel « An de Keeseminnen » portant sur le sujet suivant : Réaménagement de la « Cité Herrenfeld » à Steinfort.

08/02 *. An der Chamber diskutéieren all d'Parteien iwwert deen aktuelle Konflikt Russland-Ukrain. De Jean Asselborn ass fir d'Reanimatioun vum NATO-Russland-Rot, deen 1997 gegrënnt gi war.

09/02 Stengefort. Vu 07:30 bis 15:30 Auer kann een haut a mar säi Sonnermüll um Parking vum Kulturzenter "Al Schmelz" bei de Männer vun der "SuperDrecksKëscht" ofginn. Vun 07:00 Auer u fueren si haut och duerch Dierfer an huelen de Sonnermüll virun den Dieren ewech.

09/02 Klengbetten. Wéinst engem medezinesche Asaz vun de Pompjeeën an der "rue de la Gare" ass dës Strooss eng gutt Zäitlaang zou. An esou war och op der verbuedener Streck tëschen Hoen an dem "um Polvertur" och Verkéier.

09/02 *. An der Chamber gëtt iwwert de Verloscht vun der Kafkraaft debattéiert. Vill kënnt net dobäi eraus. Just d'LSAP proposéiert een Energie-Scheck vun 100 Euro pro Stot an dat wéinst den héijen Energiekäschten.
Wann een esou "um Polvertur" zu Klengbetten steet an erof kuckt op d'Autobunn, da gëtt een dat Gefill net lass, datt d'Energiepräisser nach net héich genuch sinn.

10/02 *. An der Chamber gëtt dat neit Denkmalschutzgesetz mat 54 Stëmmen ugeholl. Sechs Deputéierten hunn sech enthalen.

10/02 Steinfort. Réunion du conseil communal à 17.00 heures au centre culturel « Al Schmelz ».
Présences :
Sammy Wagner, bourgmestre,
Andy Gilberts, Marianne Dublin-Felten, échevins,
Guy Pettinger, Tom Matarrese, Daniel Frieden, Jean-Marie Wirth, Georges Zeimet, Daniel Falzani, Guy Erpelding, conseillers, Diane Stockreiser-Pütz, secrétaire communal.
Excusé : Bénédicte Janne, conseiller.

<u>Séance publique :</u>

1) Travaux en cours
2) Devis (10x oui)
   - Acquisition d'une machine mise-sous-pli de 8.932,95 € TTC
   - Travaux d'investissement au réseau de distribution d'énergie électrique de 541.080,00 € TTC
   - Planification et exécution des travaux de réaménagement des espaces fleuris au Square Patton à Steinfort de 29.999,25 € TTC
   - Acquisition d'un tracteur avec kit « épandeur » de 115.000,00 € TTC
   - Acquisition de mobilier de bureau de 7.499,70 € TTC
   - Acquisition d'une voiture électrique de 23.400,00 € TTC
   - Acquisition d'une voiture électrique pour les besoins du service hygiène de 23.400,00 € TTC
   - Acquisition de vélos électriques de 5.967,00 € TTC

- Acquisition de vélos électriques pour le service d'ordre de 5.967,00 € TTC
- Etudes relatives aux mesures contre les inondations de 24.570,00 € TTC

3) Titres de recette – exercice 2021 : 3.363.625,02 € ; exercice 2022 : 623.449,60 € (10x oui)
4) Rôle principal de l'impôt foncier de la commune de Steinfort pour l'exercice 2021 : 120.803,60 € (10x oui)
5) Décomptes (10x oui)
   - Remise en état de la maison sise 13, rue de Hagen à Kleinbettingen de 131.342,89 €
   - Remise en état du parc accrobranche en forêt de Steinfort de 1.008.371,79 €
6) Adaptation de la décision de principe relative à l'attribution de dons et cadeaux (06x oui, 04x abstention)
7) Convention collective de travail pour les salariés des Communes du Sud – version française coordonnée (10x oui)
8) Transformation des postes de la carrière A2 de l'agent de nettoyage en postes de la carrière A3 de l'agent polyvalent (10x oui)
9) Règlement communal relatif à l'attribution de subventions dans le cadre de l'utilisation rationnelle de l'énergie, des ressources naturelles et de la protection de la nature (10x oui)
10) Compromis de vente portant sur la vente de fonds inscrits au cadastre comme suit : numéro cadastral 701/5902, section B de Hagen, lieu-dit « rue Neuve » à Hagen, place contenant 2 ares et 29 ca (7x oui, 03x non)
11) Droits de préemption (10x oui)
   - numéro 610/160, lieu-dit « rue Principale », jardin contenant 01 are
   - numéro 2955/4463, lieu-dit « Cité Belle-Vue », place, contenant 06 ares 30 centiares
12) Modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « 06, rue de Hagen » à Steinfort (10x oui)
13) Convention et projet d'exécution relatifs au Plan d'Aménagement Particulier « route d'Arlon » à Steinfort (10x oui)
14) Informations et Courrier.

<u>Séance à huis clos :</u>

15) Affaires du personnel
16) Modification au sein de la commission des affaires culturelles.

10/02 *. Haut ass de Weltdag vun de gedréchenten Ierbessen, Bounen, Lënsen an aner 13.000 Aarten.

10/02 Stengefort. Am Parhaus ass vun 10:00 bis 12:00 Auer ee Firmunterrecht.

10/02 Stengefort. D'Integratiounskommissioun vun der Gemeng Stengefort invitéiert fir 18:00 Auer an de Kulturzenter "Al Schmelz" op de Sproochecafé op Lëtzebuergesch.

10/02 *. Statec: Uganks dës Joer huet hei zu Lëtzebuerg de Fuerpark esou ausgesinn:
- 439.837 Autoen, dovun 213.922 Diesel-, 191.296 Bensinn- an 8.528 Elektro-Autoen, 17.717 Hybrider, asw.
- 2.345 Bussen
- 39.637 Camionetten
- 5.873 déck Camionen
- 4.455 Spezialgefierer
- 25.330 Motorrieder.

10/02 Windhof. Par jugement : Le Tribunal d'Arrondissement de et à Luxembourg, siégeant en matière commercial, a prononcé la dissolution et ordonné la liquidation de la société Tom Diederich

S.à r.l., en liquidation judiciaire, avec siège social à L-8399 Windhof, 09, route des Trois Cantons, de fait inconnu à cette adresse (RCS N° B121057).

11/02 *. An der Chamber gëtt dat méi labbert 27. Covid-Gesetz gestëmmt. 31 Deputéierter soe Jo, 28 Neen.
Fir de Feierowend am Horeca-Beräich opzehiewen (bis elo 23:00 Auer) gouf separat ofgestëmmt. D'Resultat dovun ass: 58 Jo-Stëmmen an zwou Enthalungen.

11/02 Klengbetten. Ëm 19:00 Auer ass am Restaurant "de Bräiläffel" d'Generalversammlung vun der CSV Stengefort.

11/02 Steinfort. Par jugement : Le Tribunal d'Arrondissement de et à Luxembourg, siégeant en matière commerciale, a déclaré en état de faillite sur assignation la société Algor S.à r.l., avec siège social à L-8410 Steinfort, 51, route d'Arlon, de fait inconnu à cette adresse. La date de cessation des paiements a été fixé au 11 août 2021.

12/02 Klengbetten – Stengefort. Haut fänkt fir d'Schüler aus der Grondschoul d'Fuesvakanz un. Si dauert bis den 20. Februar 2022.

12/02 *. Am "Background am Gespréich" op RTL-Radio schwätzt den Ausseminister Jean Asselborn iwwert den Ukrain-Konflikt. Och ginn d'Lëtzebuerger, déi an der Ukrain sinn, opgeruff d'Ukrain ze verloossen.

13/02 Stengefort. Vun 08:00 bis 12:00 Auer hält de "Master Computer Club Luxembourg" säi Computerfloumaart am Kulturzenter "Al Schmelz" of.

13/02 *. Déi lescht Deeg si vereenzelt Schwäerm Hoergänsen no Norde geflunn. Wann déi sech alt net de Schniewel erkalen.

14/02 Stengefort. D'Stengeforter Neiegkeeten N° 109 – Februar 2022 kënne mer um Gemengen-Internetsite kucken.

14/02 *. Lëtzebuerg huet säin "Overshoot Day" erreecht, d.h. et huet theoretesch all d'Matière Première, déi d'Natur innerhalb vun dësem Joer bereet stelle kann, verbraucht an dat een Dag éischter wéi 2021. Domat läit Lëtzebuerg weltwäit no dem Katar op der 2. Plaz. Dëst huet de "Global Footprint Network" berechent.

14/02*. Am Lëtzebuerger Wort kënne mer een Interview mam Jean Asselborn liesen. Titel: "Wir stehen Luxemburgern zur Verfügung".

14/02 *. Lëtzebuerger Zentralbank: Hei am Land ass Geldverméige vun de Lëtzebuerger Stéit op eng Rekordhéicht geklommen.

15/02 Steinfort. Réunion à 18.00 heures du Comité Syndical de l'Hôpital Intercommunal de Steinfort dans la salle « Um Stammdësch » :
<u>Séance publique :</u>

1) Informations et courriers
2) Approbation du procès-verbal de la séance du 14 décembre 2021
3) Nouvelle infrastructure de l'Hôpital Intercommunal de Steinfort – état des lieux et avancée du projet
4) Modification organigramme 2022
5) Mise à jour de la liste des postes

6) Modification des primes de responsabilité et adaptation temporaire
7) Indemnités de gardes des médecins généralistes agréés
8) Protocole d'accord CCT-FHL – approbation
9) Convention pour tarification sociale – approbation
10) Convention relative au service « repas sur roues « de l'HIS – approbation.

Séance à huis clos :
11) Remplacement du secrétaire-rédacteur
12) Ratification des engagements, sorties et modifications de contrats.

16/02 Steinfort. La commune nous informe, que l'Administration de la nature et des forêts effectuera des travaux d'entretien des arbres existants longeant la « rue Boxepull » (hauteur maison N° 1 jusqu'à hauteur maison N° 5C). De ce fait, toute circulation est interdite dans les deux sens du jeudi, 17 février jusqu'au vendredi 18 février 2022 inclus.

18/02 *. Well d'Spritpräisser all Dag klammen, duerfir huet Tageblatt d'Leit hier Meenung doriwwer gefrot:
- 47% soen, datt déi steigend Präisser hinne vill Kappzerbrieches maachen an datt se hir Liewensweis mussen änneren
- 35% soen, datt d'Präisser kaum een Afloss op hir Liewensweis hunn
- 18% soen, datt d'Präisser nach net héich genuch sinn.

18/02 Stengefort. D'Gemeng freet sech eis haut matzedeelen, datt de "Late Night Bus" (LNB) erëm Freides a Samschdes vun 23:00 bis 04:00 Auer tëscht der Gemeng Stengefort an der Stad Lëtzebuerg zu de gewinnten Auerzäiten zirkuléiert. Dëst gëllt ab der Nuecht vum 18. op de 19. Februar 2022.

18/02 *. Annonce par handy vers 14.25 heures. Alerte Rouge : Vents violents entre 15.00 et 19.00 heures. Si possible, restez à l'abri.
Deen een oder anere Bam, Clôture, Schëld, asw. stoung dem Orkandéif "Zeynep" am Wee an ass vun him wechgeblosen oder ëmgehäit ginn. Am grousse Ganzen si mer nach ouni schlëmm Konsequenzen dovukomm.

18/02 *. Haut ass d'Agenda Mäerz 2022 mat de Manifestatiounen an der Gemeng Stengefort an d'Haiser verdeelt ginn.

18/02 Klengbetten. Am Kader vun den "Slow Weeks", déi vum Tourismusverband Zentrum/Westen organiséiert ginn, ass haut am Restaurant "de Bräiläffel" ee 4-Gang-Menü mat "Béiertasting" (Präis 80,00 € - 15,00 € = 65,00 € pro Persoun). Ween ze déif an d'Glas kuckt oder einfach keng Loscht huet heem ze fueren, dee kann am Hotel Jacoby iwwernuechte géint een Oppräis a Reservatioun am viraus.

19/02 *.
Am Alter vu 86 Joer stierwt de Jacques F. Poos, fréiere laangjärege Vizepremier an Ausseminister.
De Jean Asselborn seet datt mam Jacques F. Poos ee vun deene gréisste Politiker aus deene leschte 50 Joer eis verlooss huet.

Foto: Wikipedia

19/02 Stengefort. Am Kulturzenter "An de Keeseminnen" hält de "Regione Abruzzo nel Lussemburgo" hir "Fête culturelle" of.

19/02 Klengbetten. Hexenderby vu 17:00 bis 23:00 Auer am Klengbettener Musekssall mam Orchester "Ever Dance". Organisatioun: Harmonie Klengbetten.

20/02 *. Bei de Landesmeeschterschaften zu Gréiwemaacher konnt den Taekwondo Stengefort gutt Resultater bei de Senioren erzielen: David Anzallo, Tiffany Devilers an Isabelle Faber.

20/02 *. Dës Nuecht 20/21.02 huet de Wand och erëm staark geblosen. Schold dru war d'"Antonia".

21/02 *. Haut ass den internationalen Dag vun der Mammesprooch, deen d'Unesco am Joer 2000 ausgeruff hat.

21/02 *. ADEM: Enn Januar 2022 ware 15.470 Leit, déi ouni Aarbecht waren, bei der Aarbechtsagence ageschriwwen, 663 manner ewéi am Dezember 2021. D'Aarbechtslosequot läit bei 4,9 Prozent.

22/02 *. Heute gibt die Post neue Briefmarken heraus:
- Briefmarkenheftchen Esch2022: Preis des Heftchens: 10,00 €
- Esch2022 – Nennwert: 0,80 €.

22/02 *. An der Stad Lëtzebuerg gëtt d'Demonstratiounszon tëschent dem Glacisfeld an der "Place de l'Europe" direkt opgehuewen, dat soen de Policeminister, de bäigeuerdnete Policegeneraldirekter an d'Stater Buergermeeschtesch.

22/02 *. Haut virun engem Joer: EU-Russland Bezéiungen: De Jean Asselborn warnt virun enger Spiral vum Net-Verstoen.

23/02 *. An der Bäilag "Bauen & Wunnen by wortimmo.lu" am Lëtzebuerger Wort kënne mer op puer Säiten een Artikel iwwert d'Stengeforter Gemeng liesen. Titel: "Eng Gemeng fir jiddereen".

23/02 Grass. Eng Camionnette an ee Motosfuerer hunn sech an der Mëttesstonn bei engem Ofbéimanöver an der "rue Charles Kieffer" ze pake kritt. De Motosfuerer ass mat schwéiere Bee-Verletzungen an d'Spidol komm.

23/02 Stengefort / Klengbetten.

De Bicherbus kënnt haut vu 14:20 bis 15:00 Auer op Stengefort
a
vu 15:10 bis 15:45 Auer op Klengbetten.



23/02 Stengefort. Am Kulturzenter "Al Schmelz" ass ëm 19:00 Auer d'Generalversammlung vun der Wullmaus asbl.

23/02 *. Am Tageblatt kënne mer een Interview mam Jean Asselborn iwwer Russland, d'Ukrain a wisou hien de Sergej Lawrow net méi versteet, liesen. Titel: "Dieser Krieg kann ganz Europa mit hineinziehen".

23/02 Stengefort. Um Internetsite vun der Gemeng kënne mer eis de ganze Plang vum Reamenagement vun der "Cité Herrenfeld" ukucken.

Foto: Wikipedia

23/02 *.
D'natur&ëmwelt huet den Uhu zum Vull vum Joer 2022 bestëmmt, well der net méi vill hei zu Lëtzebuerg liewen.

23/02*. Zu Beetebuerg gëtt elo wärend véier Wochen den Inhalt vun der groer Tonn ënnersicht an analyséiert. D'Resultat kréie mer dann Enn des Jores matgedeelt. Dëst wäert dann esou ausgesinn, datt mer ee béise Fanger gemaach a gesot kréien et misst méi an déi blo Tut kommen. Do däerf awer net alles dra kommen, well d'Zortéiermaschinnen net alles erfaassen. Mee esou huet jidderee säint gemaach a mir trëppele weider op der Plaz.

23/02 *. Am Télécran Nr. 9/2022 kënne mer een Interview mam Jean Asselborn iwwert den Afghanistan liesen. Titel: "Keine Mühen scheuen".

24/02 Steinfort. Réunion à 17.30 heures de l'Office Social Régional de Steinfort au centre culturel « Al Schmelz ».

<u>Séance publique :</u>

1. Dossiers sociaux – Confirmation des décisions d'urgence
2. Dossiers sociaux – Décisions du conseil d'administration
3. Divers
4. Informations et courrier.



24/02 *.

An de Boîtten hate mer haut d'Stengeforter Neiegkeeten N° 109 Februar 2022 (ee Billerbuch) ouni dem Syndicat d'Initiative Stengefort senger Lokalchronik als Bäilag. Dës - Juni, Juli, August, September 2020 an Oktober, November, Dezember 2020 - muss deen interesséierten Awunner wärend den Ëffnungszäiten an d'Gemeng siche goe wann se do eng Kéier ukomm sinn.

23/02 Steinfort. Le collège des bourgmestre et échevins informe les électeurs qui ont le droit de vote aux élections législatives et domiciliés dans la commune, qu'ils peuvent soutenir la demande visant l'organisation d'un référendum sur la proposition de révision des Chapitres Ier, II, III, V, VII, VIII, IX, X, XI et XII de la Constitution, adoptée le 25 janvier 2022 par la Chambre des Députés en première lecture, en s'inscrivant sur les listes d'inscription tenues à leur disposition dans la commune pendant la période de collecte des signatures du 02 mars 2022 au 25 mars 2022 inclus.
Pendant cette période, les lieux, jours et heures d'ouverture sont fixés comme suit :
Lieu : Administration communale 4, Square Patton L-8443 Steinfort
Jours et heures : Lu - Ve : le matin entre 09.00 et 11.30 heures
Lu, Ma, Je et Ve : les après-midis entre 14.00 et 16.00 heures
Sa : le matin entre 09.00 et 10.00 heures.

24/02 *. Russland gräift déi fréier Sowjetrepublik Ukrain aus alle Richtunge – Loft, Buedem a See – un. An esou hu mer Krich an Europa. D'USA an hir Alliéierten kënnegen haart Strofmoossnamen un.

25/02 Stengefort. Vun haut un a bis den 13. Mäerz organiséiert den Tennis Club Stengefort ee Jugendturnéier.

25/02 Klengbetten. Generalversammlung vun der DP Stengefort am Hisbék.

25/02 *. Den Energieminister verséchert eis, datt Lëtzebuerg trotz dem Ukrain-Krich gutt duerch de Wanter kënnt well d'Versuergung vum Gas net a Gefor ass.

25/02 Stengefort.
Am Alter vu 90 Joer stierft d'Madamm Martha KREMER-BESCH an der "Maison de Soins".
D'Anäscherung an d'Streeë vun den Äsche sinn an aller Stëll zu Hamm.

26/02 *. Déi gréng Stengefort ginn haut an d'Stad a maachen do eng geféiert Visitt vun der Chamber.

26/02 Stengefort. Am Stengeforter Bësch ginn d'Beem haut net mat groussen Aarbechtsmaschinne erausgeholl, mais mam Schaffpäerd.

26/02 Stengefort.

Am Kulturzenter "An de Keeseminnen" hält d'UMPLux (Uniao Motoristas Portugueses No Luxemburgo) ëm 17:00 Auer hir Gebuertsdagsfestivitéiten of.

26/02 Stengefort. Ëm 19:00 Auer ass an der Stengeforter Kierch eng Mass fir d'portugisesch Communautéit.

26/02 Stengefort. Den "Hôpital Intercommunal de Steinfort" sicht fir direkt oder no Ofsprooch:
- "Educateur-Responsabel adjoint" (m/w) fir de "Centre de Jour Psycho-Gériatrique" fir Deelzäit-aarbecht (75%) op onbestëmmten Zäit (CDI)
- "Educateuren" (m/w) fir Vollzäit- oder Deelzäitaarbecht (75%) op onbestëmmten Zäit (CDI)
- "Responsabel Hotellerie" (m/w) fir Deelzäitaarbecht (75%) op onbestëmmten Zäit (CDI)
- "Mechatroniker" (m/w) fir Deelzäitaarbecht (75%) op onbestëmmten Zäit (CDI) mat der Méiglechkeet fir Vollzäitaarbecht fir 18 Méint
- "Médecin spécialiste en médecine physique et de réadaption assurant la fonction de directeur médical (m/f) à temps plein et sous contrat à durée indéterminée (CDI)"
- "Aide-Soignanten" (m/f) fir Vollzäit- oder Deelzäitaarbecht (75%) op onbestëmmten Zäit (CDI)
- "Aide socio familial" (m/w) fir Deelzäitaarbecht op bestëmmten Zäit (CDD).

D'Kandidature sinn un de President vum "Hôpital Intercommunal de Steinfort" ze riichten.

27/02 Stengefort. Bieddag an der Par Äischdall. Ëm 10:00 Auer ass eng Mass fir d'ganz Par mat uschléissender Ubiedung vun der Eucharistie.

27/02 *.

D‘Synod vum Poopst. Ween zesummen am Grupp iwwert folgend Froe well mat nodenken a schwätzen, dee soll sech bis haut beim Pastoralrot vun der Par Äischdall gemellt hunn:
1. Wéi ass är Meenung vun der Kierch?
2. Wat kënnt ee maache fir dat Kierch méi lieweg gëtt?

27/02 *. Als Äntwert op den Amarsch an d’Ukrain beschléissen d’EU, d’USA an ane Alliéierten massiv Sanktioune géint Russland an de Belarus.
Doropshin huet de Wladimir Putin eng erhéichten Alarmbereetschaft dekretéiert, also eng nuklear Dreeung. Och hunn déi Länner, déi der Ukrain hëllefe mat Konsequenzen ze rechnen, déi nach ni do waren.

28/02 *. Géint 11:30 Auer ass bei Aarbechten an der Lëtzebuerger Gare an der Géigend vun der Buchler-Bréck eng Fligerbomm aus dem zweete Weltkrich fonnt ginn. Dëst hat zur Folleg, datt den Zuchverkéier gestoppt ginn ass. Ronderëm d’Lëtzebuerger Gare war och alles ofgespaart bis se entschäerft war. Vu 18:00 Auer un sinn d’Zich dunn erëm gefuer, allerdéngs stounge Verspéidungen awer nach op der Lee.

28/02 Stengefort. Vu 15:00 bis 17:00 Auer ass am Kulturzenter "Al Schmelz" ee Nomëtten a Gesellschaft – BINGO mat Kaffi a Kuch, organiséiert vun der Gemeng Stengefort.

28/02 Stengefort.

Am Konferenzsall (2. Stack) vun der "Villa Collart" ass vun haut un a bis den 30. Mäerz 2022 ee Babysitter Cours.

Déi verschidde Course gi gehale vun:
- Nadine Barthel (Hiewann),
- Carine Christophe (Erzéierin),
- Patricia Sondhi (Juristin) a
- Sarah Klepper (CIS Stengefort).

28/02 Kleinbettingen – Steinfort.
La commune de Steinfort soutient la journée internationale « #RareDiseaseDay » et participe à l'action « #LightItUp » en illuminant le Château d'Eau à Kleinbettingen ainsi que la Maison Communale à Steinfort en couleur.

28/02 *. Am Schlass zu Sennengen stellt d’Regierung Moossname vir fir d’Energiepräissteigerungen ofzefiederen.

28/02 *. De Weltklimarot (IPCC) seet a sengem Rapport datt d’Zäit fir ze handelen ëmmer méi knapp gëtt. Et wier awer nach net ze spéit fir eppes ze ënnerhuelen.

Am Laf vum Mount:

- **Stengefort.** Um Square General Patton ass de Verkaf am Elektro-Geschäft Peiffer no 60 Joer agestallt ginn an den Elektro-Betrib huet och opgehale mat Schaffen.

- **Klengbetten.** De Rido 85 huet eng CD oder USB-Stick mat Kannergeschichten erausbruecht, déi/dee fir 15 € + 2,25 € Porto am Sekretariat vum Rido 85 bestallt ka ginn.

- ***.** Viru 75 Joer huet den Erwin Herbert Land de Fachleit vun der "Optical Society of America" seng "Polaroid-Sofortbildfotografie" virgestallt, déi fir déi Zäit eng revolutionär Erfindung war.

Au « Reider-online » :

Au mois de février 2022, le bourgmestre a donné les autorisations suivantes :

Grass :
- Construction d'un hall artisanal, 49, rue Charles Kieffer (Réf : 281/2021, 11.02)

Hagen :
- Surélévation et couverture d'un réservoir à lisier, 01, Loërhaff (Réf : 282/2021, 11.02)
- Modification des autorisations 19/2019 et 179/2021 (suppression du car-port, intégration d'un garage au rez de chaussée), 74, rue Principale (Réf : 12/2022, 25.02)
- Modification des autorisations 20/2019 et 178/2021 (suppression du car-port, intégration d'un garage au rez de chaussée), 76, rue Principale (Réf : 13/2022, 25.02)
- Transformation de la maison unifamiliale, 65, rue Principale (Réf : 249/2021, 25.02)

Kleinbettingen :
- Installation d'une serre, 09A, rue de la Montagne (Réf : 262/2021, 18.02)
- Travaux d'infrastructures du Plan d'Aménagement Particulier « Rue Foullert », rue Foullert (Réf : 18/2022, 25.02)
- Installation d'une pergola, 03, rue du Château d'Eau (Réf : 15/2022, 25.02)
- Installation de volets roulants en applique ; Plantation d'une haie en limite antérieure, 20, rue du Château d'Eau (Réf : 16/2022, 25.02)

Steinfort :
- Installation de container-bureaux provisoires, rue Collart (Réf : 8/2022, 18.02)
- Installation d'un module de quatre containers provisoires, 01, rue de l'Hôpital (Réf : 11/2021, 25.02)
- Modification de l'autorisation 46/2021 (diverses modifications intérieures et extérieures), 17, rue de Kleinbettingen (Réf : 10/2022, 25.02)
- Piscine et ses aménagements et terrasse, 09, rue de Schwarzenhof (Réf : 245/2021, 25.02)
- Transformation de l'accès à l'immeuble résidentiel, 85C, route de Luxembourg (Réf : 9/2022, 25.02)
- Démolition du bâtiment, 09, route d'Arlon (Réf : 14/2022, 25.02).

Spruch des Monats von Kaminski André:

Der Mensch kommt dort zum Vorschein, wo sein eigener Vorteil aufhört.

Coronavirus – Covid-19 am Laf vum Mount:

01.02: - Vun haut un ass den EU-Impfbeweis ouni Booster nach just néng Méint (270 Deeg) gutt.
- Den OGB-L ass géint eng Impfflicht no Alter a Secteur.

02.02: Obschonns datt d'Schnelltester den Omikron méi schlecht detektéiere wéi déi aner Mutante sinn se trotzdeem nach effizient.

03.02: D'Gesondheetsministesch seet, datt d'Situatioun sech entspaant trotz villen Neiinfektiounen an datt mer de Peak hannert eis hunn. Och huet si de Bilan iwwert de Long-Covid Projet gemaach.

04.02: Op enger Pressekonferenz kënnegen de Premier an d'Gesondheetsministesch trotz héijen Neiinfektioune mat Omikron engersäits, awer mat net vill Leit an de Spideeler duerch den Omikron anerersäits, an alle Beräicher Lockerungen un. Dëst ass am Regierungsrot beschloss ginn.

07.02: Laut Reuters hu sech bis elo weltwäit 389,9 Milliounе Mënsche mam Coronavirus ugestach, dovu sinn iwwer sechs Milliounе mam oder um Virus gestuerwen.

09.02: - D'Santé empfeelt eng véiert Dosis fir Persounen iwwert 65 Joer.
- De Staatsrot gëtt gréng Luucht fir dat neit Covid-Gesetz, nodeems datt net mat Bemierkunge gespuert gi war.

10.02: D'Regierung korrigéiert hir Ausso vu gëscht: Eng véiert Impfung sollen sech héich Risiko-Patiente maache loossen.

16.02: Laut Reuters hunn sech bis elo weltwäit 411,7 Milliounе Mënsche mam Coronavirus ugestach, dovu sinn iwwer sechs Milliounе mam oder um Virus gestuerwen.

23.02: D'Spideeler fuere vun der Stuf dräi op d'Stuf zwee vum Spidols-Stufeplang zréck, well net méi vill Infizéierter an de Spideeler sinn.

25.02: D'EMA gëtt gréng Luucht fir d'Booster-Impfung vun de Kanner vun 12 Joer un.

26.02: Vun haut un däerf an den Apdikte geimpft ginn.

27.02: Däitschland: Vun haut un ass Lëtzebuerg keen Héichrisikogebitt méi.

Coronavirus – Covid-19: Erkrankungen hei am Land.

Datum	Zuel vun den Tester	Infizéier-ter	Am Spidol	Dovun op der Intensiv-statioun	Doude-ger	Total Doude-ger	Gëllen als Aktiver
01.02	4.327	1.453	81	09	01	953	31.673
02.02	6.806	2.548	83	13	03	956	32.904
03.02	6.222	1.994	82	12	00	956	-
04.02	5.857	1.978	84	11	02	958	31.265
05. – 07.02	9.012	3.030	83	11	06	964	26.213
08.02	3.798	1.112	82	10	02	966	27.104
09.02	5.053	1.352	80	08	00	966	-
10.02	4.280	1.050	81	09	02	968	24.733
11.02	4.270	917	73	09	01	969	22.636
12. – 14.02	6.926	1.437	63	12	07	976	-
15.02	2.351	549	67	11	03	979	-
16.02	3.188	769	57	09	00	979	16.876
17.02	2.702	559	63	10	03	982	-
18.02	2.847	636	60	08	01	983	-
19. – 21.02	4.179	1.135	36	09	02	985	-
22.02	3.082	789	33	09	01	986	-
23.02	3.686	1.071	31	09	02	988	-
24.02	3.278	819	27	06	00	988	-
25.02	2.751	708	28	08	00	988	-
26. – 28.02	4.753	1.274	26	06	03	991	8.468

Bis elo:

- hunn 468.672 Persounen de vollen Impfschema kritt
- zielen 173.718 Persounen als geheelt.

D’Energiepräisschwankungen am Mount Februar (01-28):

Datum	Super 95	Super 98	Diesel	Masutt 10 ppm	Masutt 50 ppm	Erdgas	LPG	Mélange 2-T
01.02	1,527	**1,627**	**1,475**	**0,905**	**0,900**	**1,033**	0,792	**2,150**
04.02	1,527	1,627	1,475	0,905	0,900	1,033	**0,787**	2,150
09.02	**1,553**	1,627	**1,500**	**0,934**	**0,926**	1,033	0,787	2,150
10.02	1,553	**1,645**	1,500	0,934	0,926	1,033	0,787	2,150
16.02	**1,576**	1,645	1,500	0,934	0,926	1,033	**0,794**	2,150
17.02	1,576	**1,666**	1,500	0,934	0,926	1,033	0,794	**2,189**
22.02	**1,557**	1,666	1,500	0,934	0,926	1,033	0,794	2,189
23.02	1,557	**1,648**	1,500	0,934	0,926	1,033	0,794	**2,171**
26.02	**1,595**	1,648	1,500	0,934	0,926	1,033	**0,825**	2,171

Datum	Propan vrac mén.	Propan bout. mén.	Butane bout. mén.
04.02	**0,792**	**2,500**	**2,512**
16.02	**0,788**	**2,491**	**2,557**
26.02	**0,828**	**2,570**	**2,584**

Aus dem Tageblatt: D‘Energiepräisser an eise Nopeschlänner.

Land	Super 95	Super 98	Diesel	Datum
Lëtzebuerg	1,576	1,666	1,500	17.02.2022
Frankräich	1,881	1,946	1,852	09.02.2022
Belsch	1,859	1,903	1,850	11.02.2022
Däitschland	1,896	2,032	1,671	11.02.2022